PIRATEN
Sektioun
Esch/Uelzecht

Esch,, 20/03/2024

# Esch: keng Plaz fir d'Street Angels

**D'Escher Gemeng leet den Hëllefsorganisatiounen Steng an de Wee amplaz hinnen ze hëllefen. Mir Piraten aus der Sektioun Esch fuerderen d'Gemeng op, de Fräiwëllegen ze hëllefen, déi sech ëm déi Schwächst an eiser Gesellschaft këmmeren.**

Och wann de Wanter eriwwer ass, heescht dat net, dass d'Leit, déi op der Strooss liewen, keng Hëllef méi brauchen. Dofir sinn all Dag vill Organisatiounen hei am Land ënnerwee, déi sech ëm d'Leit këmmeren. Dorënner Street Angels Asbl, déi zu Esch en Dënschde wollten Iessen a Kleedung un d'Leit op der Strooss verdeelen. Dofir war eng Demande un d'Gemeng Esch gaangen.

D'Demande vun de Street Angels ass awer vun der Gemeng ofgeleent ginn! Amplaz den Associatiounen, déi sech fir déi Schwächst an der Gesellschaft asetzen, ze hëllefen, huet d'Gemeng Esch decidéiert, fir hinnen nach Steng an de Wee ze leeën.

Mir Piraten fuerderen d'Gemeng Esch op, den Associatiounen, wéi de Street Angels ze hëllefen an hinnen eng Plaz bereet ze stelle, wou si kënnen hir Hëllef ubidden. Alles anescht ass onmënschlech an net z'akzeptéieren! Et gi méi wéi genuch Leit, déi Hëllef brauchen hei zu Esch, a wann de Staat schonn net allen hëllefe kann, da soll een op mannst déi ënnerstëtzen, déi dat fräiwëlleg an onbezuelt maachen.

Mat Respekt,

Broers Tammy

Tammy Broers

Gemengeconseiller